

Ce calendrier comporte pour chaque jour de l'année une expression typique de la langue luxembourgeoise en rapport avec une partie du corps humain. Cette sélection fut réalisée par S. Clesse avec l'aide du dictionnaire luxembourgeois.
Sur chaque page vous découvrirez des photos anciennes de groupes d'habitants de l'Arelerland.
Nos remerciements vont à toutes les personnes ayant aidé à la réalisation de ce calendrier.

# Volleks Kalenner fir d'Schalljor 1996

Ce calendrier a été réalisé et édité par ARELERLAND A SPROOCH,
association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise

Photo de couverture : Fraleitskleder vum 19 ten Jorhonnert am Lëtzebuergerland




AREL-ARLON : 1936 - 10e Régiment de Ligne - Caserne Léopold.

# 1996

# *Januar - Haartmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Liest dëse Kalenner vun A bis Z | **Neijooschdag** |
| Daaschdeg | 2 | Esou laang wéi d'Aen engem opsti soll een hoffen | |
| Mëttwoch | 3 | D'Zopp hat vill Aen, leider d'Gromperen och | |
| Donneschdeg | 4 | Véier Ae gesi méi wéi zwee | |
| Freideg | 5 | Déi d'Aen op oder de Beidel | |
| Samschdeg | 6 | Aus den Aen, aus dem Häerz | **Dräikinneksdag** |
| **Sonndeg** | **7** | Un den Aen daarf een nëmme mam Ielebou réieren | |
| Méindeg | 8 | Se schlofen nit all déi d'Aen zou hun | |
| Daaschdeg | 9 | Deng Ae si méi grouss wéi däi Bauch | |
| Mëttwoch | 10 | Meng Ae bedréie mech nit! | |
| Donneschdeg | 11 | Schlecht Ae gesinn näischt gutt. | |
| Freideg | 12 | Eent A verschimmt de ganze Bak. | |
| Samschdeg | 13 | Et behält nach d'Ae fir ze kräischen | |
| **Sonndeg** | **14** | Pass op! Dee musse mer am A behalen. | |
| Méindeg | 15 | Vu Middegkeet behalen ech d'Aen nit méi op. | |
| Daaschdeg | 16 | Hat bekuckt mech mat engem schielen A. | |
| Mëttwoch | 17 | Ewech! Bleif mer aus den Aen! | |
| Donneschdeg | 18 | Hien huet mech op d'Ae gedréckt. | |
| Freideg | 19 | Et huet e schaarf an d'Ae gefaast. | |
| Samschdeg | 20 | Dee Gäier! E ging engem d'Wäisst vum A friessen! | **Bastian** |
| **Sonndeg** | **21** | Vu Soff gesäit e nit zu den Aen eraus | |
| Méindeg | 22 | E géif en A drëm wann deen anere keent hätt | **Vinzent** |
| Daaschdeg | 23 | Vun Angscht gouf et mer gréng a giel vrun den Aen. | |
| Mëttwoch | 24 | Huel d'Aen an de Grapp a kuck mat de Kaulen. | |
| Donneschdeg | 25 | Dat do huet Ae vir an hannen | **Paulus Bekéierong** |
| Freideg | 26 | Et kräischt mat deem engen A a laacht mat deem aner. | |
| Samschdeg | 27 | Huet deen nit en A op dat Meedchen? | **Tommes** |
| **Sonndeg** | **28** | Déi Rees kascht mech d'Aen aus dem Kapp. | |
| Méindeg | 29 | E kuckt mat dem lénksen A en déi riets Täsch | |
| Daaschdeg | 30 | Den Honger kuckt hinnen zu den Aen eraus. | |
| Mëttwoch | 31 | Vu Virwëtz huet d'Kand d'Aen an de Mond opgerass. | |



# 1996

NOUTEM-NOTHOMB : 1897 - D'Musek feiert seng 50 Jor.

# *Februar - Spiirkel*

## *Kazemount - Schnéimount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | Deen A seet muss och kënne B soen. | |
| Freideg | 2 | En huet Bee bis un d'Schëlleren! | **Maria - Liichtmesdag** |
| Samschdeg | 3 | Vun Dabo fällt en iwer seng Been. | **Blasius** |
| **Sonndeg** | **4** | Dat Gedibbers geet engem duurch Muerech a Been. | |
| Méindeg | 5 | Hien huet sech op d'hënnescht Bee gesat an as gaang. | |
| Daaschteg | 6 | Dat mecht mer e schéint Been! Et dingt zu näischt. | |
| Mëttwoch | 7 | En huet sech d'Bee stompeg gelaf fir déi Plaz. | |
| Donneschdeg | 8 | En as mam lénke Been opgestan. | |
| Freideg | 9 | Hat huet him op d'Bee gehollef fir dat ze kafen. | |
| Samschdeg | 10 | Dir wäert nit op engem Been heem goen! | |
| **Sonndeg** | **11** | Et huet der e puer Bee bis un den Aasch | **Léif Fra vu Lourdes** |
| Méindeg | 12 | Da maach dech op d'Been! | |
| Daaschteg | 13 | Den Alkool schléit engem an d'Been. | **Ermesinde** |
| Mëttwoch | 14 | En as e Näischnotz seng Been aus. | **Vältesdag** |
| Donneschdeg | 15 | Ech rappe mir duerfir kee Been aus! | |
| Freideg | 16 | E kritt d'Been nit héich genuch opgehuewe fir mat den Hënn pissen ze goen. | |
| Samschdeg | 17 | Laf dohin, du hues deng éischt Been nach! | |
| **Sonndeg** | **18** | Ech fale bal vun de Been erof. | **Fuessonndeg** |
| Méindeg | 19 | Ech hale mech op de Been wann ech scho midd sin | **Fuesméindeg** |
| Daaschteg | 20 | En huet eng am Been! | **Fuesdaaschdeg** |
| Mëttwoch | 21 | Ech hu mir d'Been an de Läif gestan. | **Äschemëttwoch** |
| Donneschdeg | 22 | En as erëm op de Been. | |
| Freideg | 23 | Wann een al as wëllen d'Been nit méi. | |
| Samschdeg | 24 | Dat as eng Plooschter op holze engem Been. | **Mathaisdag** |
| **Sonndeg** | **25** | RÄTZEL : Zweebeen sëtzt op Dräibeen | **Ounesonndeg - Walburge** |
| Méindeg | 26 | an huet Äbeen vru sech; du kënnt Véierbeen an erwëscht Äbeen; | |
| Daaschteg | 27 | an Zweebeen erwëscht Dräibeen a geheit et no Véierbeen | |
| Mëttwoch | 28 | dat Äbeen fale léisst an op dräi Bee fort hippt! | |
| Donneschdeg | 29 | Wat as et ? Zweebeen (de Schouster) - Dräibeen (den Hocker) | |
| | | Äbeen (d'Ham) - Véierbeen (den Hond). | |



MIEZEG-MESSANCY : 1916 - Houchzäit. Schroeder - Grassem

**1996**

# *Mäerz - Lenzmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | FANGERNIMM : Dommenek, Spëtzelek, Laanghals, Jäitzhaans, Stuppschwanz | |
| Samschdeg | 2 | En huet den Domm wéi a kann nit bezuelen. | |
| **Sonndeg** | **3** | Ech halen der den Domm | **Bounesonndeg** |
| Méindeg | 4 | Et geet äis nit op eng Dommdéckt un, sot de Bauer beim Hamschneiden | |
| Daaschteg | 5 | Huel den Domm an de Mond a kuck no. | |
| Mëttwoch | 6 | Et kann den Domm nit réieren et as aarm. | |
| Donneschdeg | 7 | FANGERGESCHICHT : Den Domm as an de Pëtz gefall, | |
| Freideg | 8 | de Spëtzlek huet en eraus geholl, | |
| Samschdeg | 9 | de Laanghals huet en heem gedroen, | |
| **Sonndeg** | **10** | de Jäitzhaans huet der Mamm et gesot, | **Krounesonndeg** |
| Méindeg | 11 | de Stuppschwanz as gutt gebäätscht gin. | |
| Daaschteg | 12 | En huet den Domm wéi e Bleil! | |
| Mëttwoch | 13 | Ech muss erëm de Bockel duerhalen! | |
| Donneschdeg | 14 | En huet de Bockel voller Schould. | |
| Freideg | 15 | E mécht e Bockel wéi d'Kaz um Schläifsteen. | |
| Samschdeg | 16 | Laf mer de Bockel erof ... awer nit mat geneelte Schong! | |
| **Sonndeg** | **17** | Ech hun e breede Bockel. | **Halleffaaschtsesonndeg - Gertraudendag** |
| Méindeg | 18 | E kritt de Bockel geschmiert ... mat engem Grapp ongebrannter Äschen. | |
| Daaschteg | 19 | En huet d'ganzt Wiésen um Bockel. | **Jousefsdag** |
| Mëttwoch | 20 | Ech luede mer deen nit op de Bockel. | |
| Donneschdeg | 21 | Ech hun awer alles um Bockel | **Fréijor** |
| Freideg | 22 | Et as fir sech e Bockel an d'Säit ze laachen. | |
| Samschdeg | 23 | Huel mech op den Hazebockel! | |
| **Sonndeg** | **24** | Ech hun em de Bockel ersiélt. | **Ellesonndeg - Gabrielsdag** |
| Méindeg | 25 | Dat mécht der Kaz kee Bockel | **Maria Verkënnegong** |
| Daaschteg | 26 | FANGERNIMM : Däimchen, Präimchen, Laangemann, Toopmann, Tiipchen. | |
| Mëttwoch | 27 | FANGERGESCHICHT : Den Dommeneck war an de Pëtz gefall | |
| Donneschdeg | 28 | de Fengerleck huet en eraus gezunn, | |
| Freideg | 29 | de Laanghals huet en ofgedréchent | |
| Samschdeg | 30 | de Grohänschen huet en an d'Bett geluegt. | |
| **Sonndeg** | **31** | de Stuupschwänzchen huet der Mamm et gesot an huet eng Botterschmier kritt. | **Pällemsonndeg** |



WARECH-WARNACH : ëm 1930 - D'Kiirmes am Duerf

ARELER LAND A SPROOCH

1996

# Abréil - Gecksmount
## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Dat do passt nit a mäin ABC | |
| Daaschdeg | 2 | Du kriss eng an den Ak. | |
| Mëttwoch | 3 | Den Äfalt huet him an den Ak gebaut. | |
| Donneschdeg | 4 | Den Ak seet dem Hënner Bejour! | **Grengen Donneschdeg** |
| Freideg | 5 | Du hues d'Steng an den Ak gehaen. | **Karfreideg** |
| Samschdeg | 6 | Bleif mat de Fangeren ewech! | **Karsamschdeg** |
| **Sonndeg** | **7** | En as sech mam Fanger an d'A gefuer. | **OUSCHTERDAG** |
| Méindeg | 8 | Wann ee keng Chance huet da brécht ee sech de Fanger am Botter. | |
| Daaschdeg | 9 | Et geet alles duurch seng Fangeren. | |
| Mëttwoch | 10 | Ech wëll em nit ënnert d'Fangere geroden. | |
| Donneschdeg | 11 | Et geet him wéi de Kanner, gët een de Fanger da wëlle se d'Hand. | |
| Freideg | 12 | E kann d'Fangeren nit halen. | |
| Samschdeg | 13 | Hatt huet een un all Fanger hänken. | |
| **Sonndeg** | **14** | Du muss em op d'Fangere klappen! | **Wäissenouschterdag** |
| Méindeg | 15 | E weess seng Lektioun op de Fangeren. | |
| Daaschteg | 16 | Hues du Kéis an de Fangeren? Si sin esou schwaach. | |
| Mëttwoch | 17 | E laacht fir e kromme Fanger. | |
| Donneschdeg | 18 | En huet méi am klenge Fanger wéi aner an der ganzer Hand. | |
| Freideg | 19 | Pass op! Deen huet laang Fangeren! | |
| Samschdeg | 20 | E géif sech léiwer de klenge Fanger erofbäissen. | |
| **Sonndeg** | **21** | Deen huet et am klenge Fanger. | |
| Méindeg | 22 | Dat hiewen ech mam klenge Fanger op. | |
| Daaschteg | 23 | Ech hun de Neelchen an de Fangeren. | |
| Mëttwoch | 24 | Dat kritt ee fir fënnef Fangeren an de Grapp. | |
| Donneschdeg | 25 | Huel d'Fangeren an de Grapp! | **Markusdag** |
| Freideg | 26 | KANNERREIM : Deen huet d'Grompere geschielt. | |
| Samschdeg | 27 | Deen huet se gekacht. | |
| **Sonndeg** | **28** | Deen huet se erausgeschäfft. | |
| Méindeg | 29 | Deen huet se gegreeft. | |
| Daaschteg | 30 | An deen huet se giess. (Fir d'Fangeren) | |



# 1996

AFFEN-FOUCHES : 1933 - D'Kommiounskanner (1-2-3) mat de Paschtéier Muller, Simon, Perleau

# Mee - Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | De Meerschter as dem Gesell op de Fieschten. | |
| Donneschdeg | 2 | E läit mer ëmmer op de Fieschten. | |
| Freideg | 3 | En huet Lächer an der Fiescht wéi Fäischt. | |
| Samschdeg | 4 | En as mam lénkse Fouss d'éischt opgestan. | |
| **Sonndeg** | **5** | Et hëlt Fouss bäi mol. | |
| Méindeg | 6 | Ech setze ni méi ee Fouss bannent seng Dir. | |
| Daaschdeg | 7 | Kuck dass de aus de Féiss kënns! | |
| Mëttwoch | 8 | Ech hun en op de Fouss geholl. | |
| Donneschdeg | 9 | Dat léisst sech nit op d'Féiss triéden. | |
| Freideg | 10 | Sou aarm datt e keng Schong méi an d'Féiss kritt. | |
| Samschdeg | 11 | Déi Zaldoten hun d'Féiss hannerzeg stoen. | |
| **Sonndeg** | **12** | Da maach dech op d'Féiss! | **Mammendag** |
| Méindeg | 13 | Ech hun d'Schong voller Féiss. | |
| Daaschteg | 14 | E Steet mat engem Fouss am Graf. | **Bonifatius** |
| Mëttwoch | 15 | Déi Fra as emol schwéier zu Fouss. | |
| Donneschdeg | 16 | E kräicht op Hänn a Féiss. | **Christihimmelfaart** |
| Freideg | 17 | E kritt kee Fouss méi an d'Luucht. | |
| Samschdeg | 18 | Et stéisst säi Brout mat Féissen. | |
| **Sonndeg** | **19** | En huet sech d'Féiss stompeg gelaf | |
| Méindeg | 20 | Du spréngs mat de Féiss an de Plättel. | |
| Daaschteg | 21 | En huet kleng Féiss awer déi grouss Schong gin em gutt. | |
| Mëttwoch | 22 | Ech stin op guddem Fouss mat him. | |
| Donneschdeg | 23 | Elo kritt hie kee Fouss méi op de Buedem. | |
| Freideg | 24 | Et fällt ëmmer erëm op déi al Féiss. | |
| Samschdeg | 25 | Du kriss nach ee Fouss hannebäi! | |
| **Sonndeg** | **26** | D'Kaz fällt ëmmer op hir Féiss. | **Päschdag** |
| Méindeg | 27 | GIISCH - Bittgang a Prozessioun vum Hel. Willibrod | |
| Daaschteg | 28 | IECHTERNACH - Sprangprozessioun - Hellege Willibrod | |
| Mëttwoch | 29 | KANNERREIM : Un a Mun meng Séchi as un ... | |
| Donneschdeg | 30 | Kou a Kallef, meng Séchi as hallef ... | |
| Freideg | 31 | Kaz a Maus, meng Séchi as aus ! | |




# 1996

MAARTEL-MARTELANGE : 1910 - Spadséiergank op d'Kollen.

# Juni - Broochmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | En huet de Gäächt opgin. | **Dräifaltegkeetsdag** |
| **Sonndeg** | **2** | Deen as schwaach am Gääscht | |
| Méindeg | 3 | Wou bas du erëm am Gääscht hier? | |
| Daaschdeg | 4 | Et as kee Gääscht un deem Kand | |
| Mëttwoch | 5 | En as vun alle gudde Geeschter verlooss. | |
| Donneschdeg | 6 | Et as nëmmen ee Geescht méi esou schwaach as et. | |
| Freideg | 7 | Do as kee gudde Gääscht ënnert de Leit méi. | |
| Samschdeg | 8 | Dee jeet alles duurch d'Guurgel vu soff. | **Muerdert-Medard** |
| **Sonndeg** | **9** | PAPPENDAG. «Meng Häerzgrimmelchen!» | **ZERLÄICHENDAG** |
| Méindeg | 10 | En huet mer d'Messer op d'Guurgel gesat. | |
| Daaschdeg | 11 | Ech hun d'Häerz déck | |
| Mëttwoch | 12 | D'Häerz huet em bis en den Hals geschloen. | |
| Donneschdeg | 13 | En huet et um Häerz. | |
| Freideg | 14 | Et gët mer weech ëm d'Häerz. | **Häerzjésusfest** |
| Samschdeg | 15 | En huet Häerz a Séil erëmgin. | |
| **Sonndeg** | **16** | Et huet sech d'Häerz am Leif erkaalt. | |
| Méindeg | 17 | Si géif d'Häerz aus dem Leif gin. | |
| Daaschdeg | 18 | Dat huet him d'Häerz gebrach. | |
| Mëttwoch | 19 | Dee Granzert frësst äis d'Häerz. | |
| Donneschdeg | 20 | En huet d'Häerz op der Hand. | |
| Freideg | 21 | Si huet mer hiirt Häerz ausgeschott. | **SUMMER** |
| Samschdeg | 22 | Et as him näischt un d'Häerz gewuess. | |
| **Sonndeg** | **23** | En Häerzensgudde Kärel! | **NATIONALFEIERDAG ZU LËTZEBUERG** |
| Méindeg | 24 | En huet d'Häerz op der Sonnesäit. | **Gehaansdag** |
| Daaschteg | 25 | Ech hun et nit iwert d'Häerz bruecht. | |
| Mëttwoch | 26 | Ech maachen et vun Häerze gär. | |
| Donneschdeg | 27 | KANNERREIM : Jubbeli, Jubbeli Päerdchen | |
| Freideg | 28 | D'Päerdchen huet ee Fillchen | |
| Samschdeg | 29 | D'Fillchen huet ee Fleckelchen | **Péitrus a Paulus** |
| **Sonndeg** | **30** | Dat fällt bummsdech an den Dreckchen | |



SUES-SAMPONT : 1930 - D'Feier vum Centenaire vun der Belsch

**1996**

# Juli - Heemount

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | 1 | En huet mat Hänn a Bee geschafft a sech zerwéiert. ........ |
| Daaschdeg | 2 | Et as em ee Stee vum Häerz gefall. ........ **Mariaheemsuchung** |
| Mëttwoch | 3 | Do brécht een Hals a Been ........ |
| Donneschdeg | 4 | Ech hu mech Hals a Bee getommelt fir den Zuch ze kréien. ........ |
| Freideg | 5 | Roueg mat de Been, wibbel mat den Hänn. ........ |
| Samschdeg | 6 | Du hues dach en Häerz am Leif. ........ |
| **Sonndeg** | **7** | Wann d'Häerz voll as, leeft de Mond iwer. ........ |
| Méindeg | 8 | Hat huet keen Häerz zu deer Saach. ........ |
| Daaschdeg | 9 | Ech hu mir en Häerz geholl an him et gesot. ........ |
| Mëttwoch | 10 | Wann d'Häerz nit derbäi as da gët näischt. ........ |
| Donneschdeg | 11 | De Kabes as gefries bis an d'Häerz. ........ |
| Freideg | 12 | D'Uebst war faul am Häerz. ........ |
| Samschdeg | 13 | D'Mamm as d'Häerz vum Haus. ........ |
| **Sonndeg** | **14** | NATIONALFEIERDAG A FRANKRÄICH ........ **Donatiskiirmes zu Arel** |
| Méindeg | 15 | Am Häerz vum Wanter soll e gebuere sin. ........ |
| Daaschdeg | 16 | Et fäert sech d'Häerz aus dem Leif. ........ |
| Mëttwoch | 17 | En huet Häerz wat begiérs de ........ |
| Donneschdeg | 18 | Häerzer Tromp aus ! ........ (Zu Arel) **Donatisbittgang vun den Dierfer** |
| Freideg | 19 | Et hat hie vun Häerze gärem ........ |
| Samschdeg | 20 | Si soten : «Mäin Häerzgezockerten - Mäint Zockerhäerzchen. ........ |
| **Sonndeg** | **21** | NATIONALFEIERDAG AN DER BELSCH ........ |
| Méindeg | 22 | Looss däin Häerz schwätzen. ........ |
| Daaschdeg | 23 | Hues du da keng Aen am Kapp. ........ |
| Mëttwoch | 24 | En huet méi Schold wéi Hor um Kapp ! ........ |
| Donneschdeg | 25 | Behal dach däi klore Kapp ! ........ **Jakopsdag** |
| Freideg | 26 | Deen huet ee Kapp wéi en Uess ! ........ |
| Samschdeg | 27 | En as iewer Kapp an Aasch ewech gefuer. ........ |
| **Sonndeg** | **28** | KANNERWITZ : Pëtzmech a Pëtzdech sin an e Pëtz gefall. ........ |
| Méindeg | 29 | Pëtzdech kënnt eraus. Wie bleift drann ? ........ |
| Daaschdeg | 30 | Fir d'Kanner : «Wann s de dat nach méchs ........ |
| Mëttwoch | 31 | Da kriss de de Kapp tëschent d'Ouere gesat. ........ |




# 1996

STACKEM-STOCKEM : 1930 «Les Elégantes» um Fest vum Centenaire vun der Belsch

# August - Huewermount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | Waarm Féiss, ee Kale Kapp. | |
| Freideg | 2 | Ech hu mech vu Kapp bis zu Féiss gewäsch | |
| Samschdeg | 3 | Déi Saach huet Kapp a Fouss. | **Péitersdag** |
| **Sonndeg** | **4** | Si sin ee Kapp an een Aasch mateneen. | |
| Méindeg | 5 | Dat huet jo kee Kapp a kee Schwanz. | |
| Daaschdeg | 6 | Et as besser den Hutt verluer wéi de Kapp. | |
| Mëttwoch | 7 | Deen huet e Kapp wéi e Kéiseker. | |
| Donneschdeg | 8 | D'Welt steet hautjesdag um Kapp. | |
| Freideg | 9 | A wann s de dech géngs op de Kapp stellen? | |
| Samschdeg | 10 | Looss däin Häerz schwätzen! | **Lorenzdag** |
| **Sonndeg** | **11** | En huet e Kapp wéi eng geschueren Eil. | |
| Méindeg | 12 | Et geet mer alles am Kapp ronderem. | |
| Daaschdeg | 13 | Ech hu wéi e Päerderchesspill am Kapp. | |
| Mëttwoch | 14 | En huet méi am Kapp wéi an der Täsch. | |
| Donneschdeg | 15 | **LEIFFRAKRAUTDAG. Dierfermass bäi der Hellenge Kräiz Kapell (Woulker)** | |
| Freideg | 16 | D'Aarbecht as mer iwert de Kapp gewues. | |
| Samschdeg | 17 | Ech schloen en op de Kapp datt e plattféisseg gët! | |
| **Sonndeg** | **18** | Séng Kanner sin em iwert de Kapp gewues. | |
| Méindeg | 19 | Et as fir sech de Kapp duurch d'Mauer ze lafen. | |
| Daaschdeg | 20 | Du kanns dem Härgott op de blouse Knéien danken. | |
| Mëttwoch | 21 | Loosse mer eis Knéie bäienä strecken. | |
| Donneschdeg | 22 | Ech hun dee Wee do nach an de Knéien. | |
| Freideg | 23 | Wat een nit am Kapp huet muss een an de Been hun. | |
| Samschdeg | 24 | En as an d'Knéie gaang. | **Bartholoméusdag** |
| **Sonndeg** | **25** | Et rëtscht em op de Knéien no. | |
| Méindeg | 26 | D'Hondsnuesen an d'Fraleitsknéie sin allzäit kal. | |
| Daaschdeg | 27 | E muss derbäi sin a wann et fir de Kapp ging. | |
| Mëttwoch | 28 | An zwéi Käpp as méi wéi an engem. | |
| Donneschdeg | 29 | E léisst sech d'Haut iwert de Kapp zéien. | |
| Freideg | 30 | FIR E KAND : «Du hues enger aler Fra an de Knéi gebass!» | |
| Samschdeg | 31 | So kand! Schlo de béise Käppi! | **Paulinusdag** |



1996

AREL-ARLON : 17/9/1905 - Joyeuse Entrée vum Prënz Albert a vun der Prënzessin Elizabeth - Place Léopold

# September - Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | Kal Hänn, waarm Léift. | **Häerzeg : Bittgang op Kaschbur** |
| Méindeg | 2 | Späiz an d'Hänn,elo geet et lass. | |
| Daaschdeg | 3 | Vill Hänn läsche vill Bränn. | |
| Mëttwoch | 4 | Eng fräi Hand geet duurch d'Land. | |
| Donneschdeg | 5 | Eng geléi Hand as geschwë bekannt. | |
| Freideg | 6 | Eng gewéi Hand as gefaart am ganze Land. | |
| Samschdeg | 7 | En huet een an der Hand deen em hëlleft. | |
| **Sonndeg** | **8** | Dat as a gudden Hänn. | **Mariagebuurtsdag** |
| Méindeg | 9 | Ech hu méi eng Tromp an den Hänn. | |
| Daaschdeg | 10 | Ech hun nach vill Geld derbäi an d'Hand kritt. | |
| Mëttwoch | 11 | Mir schaffen een deem aner an d'Hand. | |
| Donneschdeg | 12 | Du spills mer déi Kaart an d'Hand. | |
| Freideg | 13 | Klak! Kléck! Schlo mer an d'Hand (bäim Handel) | |
| Samschdeg | 14 | Ech huelen d'Saach an d'Hänn. | **Hellegt Kräiz Erhéiong** |
| **Sonndeg** | **15** | Et steet mer nit zur Hand. | **Siwe Schmerze Maria** |
| Méindeg | 16 | En huet mer an d'Hänn gemeet. | |
| Daaschdeg | 17 | E fréiss engem aus der Hand. | |
| Mëttwoch | 18 | Ech wees et aus éischter Hand. | |
| Donneschdeg | 19 | D'Klatz as mer aus der Hand gefall. | |
| Freideg | 20 | En as scho gläich bäi Hand wann et heescht sech unzesetzen. | |
| Samschdeg | 21 | Si hun an d'Hänn geklappt | **HIERSCHT** |
| **Sonndeg** | **22** | Et geet alles duurch hir Hänn. | |
| Méindeg | 23 | D'Kand as ënnert friemen Hänn opgewuess. | |
| Daaschdeg | 24 | Mer hun nach de ganze Mëtteg vir Hänn. | |
| Mëttwoch | 25 | E kritt d'Meedche mat béiden Hänn. | |
| Donneschdeg | 26 | Komm lée eng Hand un. | |
| Freideg | 27 | Warem Hänn, léift ouni Enn. | |
| Samschdeg | 28 | KANNERSPILL : Do as eng Maus, déi baut en Haus. | |
| **Sonndeg** | **29** | Do as eng Méck déi baut eng Bréck. | **Méchelsdag** |
| Méindeg | 30 | Do as eng Flou déi mécht esou ! (an dann ee pëtzen) | |



# 1996

HÄERZEG-HACHY : 1920 - D'Schoulkanner an d'Joffer Goeury.

# Oktober - Wäimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | Et huet sech op d'Lëpse gebass fir nit brauchen ze laachen. | |
| Mëttwoch | 2 | En huet kee Wuert iwert d'Lëpse bruecht. | **Schutzengelfest** |
| Donneschdeg | 3 | Si hu sech d'Lëpsen derno geleckt. | |
| Freideg | 4 | En huet d'Lëpse blo vu Keelt | **Franziskusdag** |
| Samschdeg | 5 | Maach der d'Lëpsen naass da kanns du besser päifen. | |
| **Sonndeg** | **6** | Et as fir Long a Liewer erëm ze gesinn. | |
| Méindeg | 7 | Deen huet Longe wéi e Päerd. | **Muttergottesrousekranz** |
| Daaschdeg | 8 | Wéi op der Long, sou op der Zong! | |
| Mëttwoch | 9 | Et as em eppes iwert d'Liewer gelaf. | |
| Donneschdeg | 10 | En huet eng dréche Liéwer. | |
| Freideg | 11 | En huet d'Liewer op der Sonnsäit leien. | |
| Samschdeg | 12 | Dat huet ee Mo wéi een Hong! | |
| **Sonndeg** | **13** | Deen huet ee Mo wéi ee paweete Schwäistall. | |
| Méindeg | 14 | Säi Mo as bäi de Réck zruuchten. | |
| Daaschdeg | 15 | Ech hun de Mo op der Kopp! | |
| Mëttwoch | 16 | Dat läit mer schwéier um Mo. | |
| Donneschdeg | 17 | Iess dat mat, dat schauert de Mo. | |
| Freideg | 18 | Ech hu Fräschen am Bauch. | **Luksdag** |
| Samschdeg | 19 | En huet e Bauch wéi e Béierfaass. | |
| **Sonndeg** | **20** | En as sengem Bauch kee Stéifpapp. | |
| Méindeg | 21 | En hält sech de Bauch vum Laachen. | |
| Daaschdeg | 22 | De bauch kann nit fir de Kapp. | |
| Mëttwoch | 23 | En huet sech an d'Broscht gehäit. | |
| Donneschdeg | 24 | En huet ee Bauch, e gesäit seng eege Féiss nit. | |
| Freideg | 25 | Zum KAND : Maach keng esou Pott, 't kéint ee sech drop sëtzen. | |
| Samschdeg | 26 | Lée dech op de Bauch, deck dech mam Hënner zou | |
| **Sonndeg** | **27** | a spill mat dengen Zéiwen. | |
| Méindeg | 28 | KANNERSPILL : Ee mech - Zwee mech - Dräi mech - | |
| Daaschdeg | 29 | Véier mech (Féier mech) - Fënnef mech - | |
| Mëttwoch | 30 | Sechs mech - Siwe mech - Aacht mech - | |
| Donneschdeg | 31 | Néng Mech - Zéng mech (zing mech, zéi mech). | |





# 1996

FRÄLLEN-FREYLANGE : 1925 - Zaldoten zu Béverloo

# November - Wantermount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Wuerfir hues du däi Mond? | **Allerhellegendag** |
| Samschdeg | 2 | Et as ee Mond an elauter. | **Allerséilendag** |
| **Sonndeg** | **3** | Hien huet de Mond nit an der Täsch | **Hubertusdag** |
| Méindeg | 4 | Ech konnt de Mond nit halen. | **Charel Borromäusdag** |
| Daaschdeg | 5 | De Mond geet hir wéi eng Peffermillen. | |
| Mëttwoch | 6 | Du hëls awer och kee Blat vrun de Mond. | |
| Donneschdeg | 7 | En huet ee Mond wéi ee Bakuewelach. | |
| Freideg | 8 | Et schwätzt een nit mam Mond voll! | |
| Samschdeg | 9 | E vergonn engem nit de Maufel aus dem Mond. | |
| **Sonndeg** | **10** | Et mengt een hatt hätt e Pond Woll am Mond. | |
| Méindeg | 11 | Hien deet kee Mond op | **Mäertesdag** |
| Daaschdeg | 12 | Looss mech aus dengem Mond! | |
| Mëttwoch | 13 | Déi Jong fueren den Alen iwert de Mond. | |
| Donneschdeg | 14 | Si kucken engem de Maufel aus dem Mond. | |
| Freideg | 15 | Du hëls mer d'Wuurt aus dem Mond. | |
| Samschdeg | 16 | Et leeft mer laanscht de Mond. | |
| **Sonndeg** | **17** | D'Waasser as em am Mond zesummegelaf. | |
| Méindeg | 18 | Du schwätz grad wéi de Mond der opgeet. | |
| Daaschdeg | 19 | E rappt de Mond op bis hannert d'Oueren. | |
| Mëttwoch | 20 | Schwätz wéi de Mond der gewues as. | |
| Donneschdeg | 21 | Deen do schwätzt mat zwéi Mënner. | |
| Freideg | 22 | Batter fir de Mond as gutt a gesond. | **Cäciliendag** |
| Samschdeg | 23 | Wat ee spuert iwer de Mond frësst d'Kaz oder den Hond. | |
| **Sonndeg** | **24** | Un der Nues erkennt een den Hues. | |
| Méindeg | 25 | Mengs de vläicht ech wir op d'Nues gefall? | |
| Daaschdeg | 26 | Ech hat eng gutt Nues, datt ech ewechbliwwe sin. | |
| Mëttwoch | 27 | Dee war derbäi wéi d'Nuese verdeelt si gin. | |
| Donneschdeg | 28 | Du lääfs eng Kéier mat der Nues bäi. | |
| Freideg | 29 | Do leeft den Hoas mat der Noas iwert de Woas! (Zu lechternach) | |
| Samschdeg | 30 | Kand! Maach deem eng laang Nues! | **Andersdag** |



ÉIDEN-UDANGE : 1928 - D'Fanfare Royale l'Union gegrënnt an 1885.

**1996**

# Dézember - Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | Ech sin an der Aarbecht bis iwert d'Oueren. | |
| Méindeg | 2 | Ech loosse mer d'Oueren nit zéien. | |
| Daaschdeg | 3 | Du bas jo nach nit dréchen hannert den Oueren. | |
| Mëttwoch | 4 | FIR KANNER : Wann s de nit roueg bas | |
| Donneschdeg | 5 | da kriss du de Kapp tëschent d'Ouere gesat. | **Nekloosowend** |
| Freideg | 6 | Du däerfs d'Oueren nit hänke loossen | **NEKLOOSDAG** |
| Samschdeg | 7 | Deem as scho vill Wand laanscht d'Ouere gaang. | |
| **Sonndeg** | **8** | Hues du Stëbs an den Oueren? | **Onbefleckte Ëmfangnis Maria** |
| Méindeg | 9 | Fir esou eppes muss een emol nit mam Ouer renken. | |
| Daaschdeg | 10 | Lo gët sech mol op d'Ouer geluegt. | |
| Mëttwoch | 11 | Et mengt een en hätt e Biesemstill am Réck. | |
| Donneschdeg | 12 | Ech gesinn en am léifsten op de Réck. | |
| Freideg | 13 | Et as fir op de Réck ze trëllen. | **Luziasdag** |
| Samschdeg | 14 | Soubal een de Réck gedréint huet geet et nit méi. | |
| **Sonndeg** | **15** | Ech hu keng Aen am Réck. | |
| Méindeg | 16 | Ee Kand op de Schëlleren droen. (um Hatzefatz-um Hatzebatz) | |
| Daaschdeg | 17 | En huet op zwou Schëlleren ze droen. | |
| Mëttwoch | 18 | Een iwer d'Schëller bekucken. | |
| Donneschdeg | 19 | Dat kanns du der op d'Stir schreiwen. | |
| Freideg | 20 | Wat maachen ech dermat? Pech der et op d'Stir! | |
| Samschdeg | 21 | Deen Zant as him scho laang ausgaang | **WANTER** |
| **Sonndeg** | **22** | E laacht wéi en Hond deen Zänn weisst. | |
| Méindeg | 23 | Ech hun een Zant dee mat mer schwätzt. | |
| Daaschdeg | 24 | E geet mat der Zong iwert de Buedem. | **Krëschtowend** |
| Mëttwoch | 25 | Hunneg op der Zong, Gal op der Long | **KRËSCHTDAG** |
| Donneschdeg | 26 | GEBIET FIR D'KANNER : Owes wann ech schlofe gin, | |
| Freideg | 27 | Véierzéng Engele mat mer gin, | |
| Samschdeg | 28 | Zwéin zu Kapp, zwéin zu Féiss, | |
| **Sonndeg** | **29** | Zwéin zur rechter Hand, zwéin zur lénker Hand, | |
| Méindeg | 30 | Zwéin déi mech decken, zwéin déi mech wecken, | |
| Daaschdeg | 31 | Zwéin déi mech féieren an den himmelesche Paradäis. | |